



Betrib u Positivem an un Negativem bréngt“, amplaz datt déi Betriber schonn am Virfeld Terraine verkaaft kritt hunn oder kafen, an da gëtt diskutéiert an herno gëtt e Fait accompli geschaaft an et gëtt einfach net gekuckt, wat dat fir positiv oder negativ Repercussioune fir Lëtzebuerg huet. Duerfir, mengen ech, ass dat en zweete Punkt.

An dann ofschléissend e leschte Punkt: d’Rente-problematik, egal wéi mer driwwer diskutéieren. Am Abléck hu mer keng Problemer. Am Abléck hu mer Reserven. Mä jiddwereen, deen déi Problematik e bësse realistesch kuckt, ...

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... dee weess, datt déi nächst Generatiounen an 10, 15, 20 Joer Riseproblemer kréien, wa mir haut net de Courage hunn, driwwer ze diskutéieren, wa mer net bereet sinn, de Courage ze hunn, fir partiwwergräifend ze soen: „Hei, wa mer eis Kanner an eis Kanneskanner net wëlle virun eng onméiglech Situatioun setzen, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... da muss mer haut diskutéieren a reagéieren.“ An alles dat feelt, an dat sinn awer d’Viraussetzungen, ier een iwwerhaapt iwwer esou eng Nohaltegekeetsdebat diskutéiert. An duerfir stëmme mir dës Motioun net mat.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. Den Här Minister Bausch huet d’Wuert gefrot.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Merci, Här President. Ech schwätzen elo hei e bëssen als Vertrieder vun der Ministerin Madamm Carole Dieschbourg, déi jo haut elo natierlech net hei ass, well déi Debat gëschter war. Mä dat ass awer kee Problem. Ech wëll gär haaptsächlech e puer Saache soen zu där zentraler Fro, déi vum Här Gibéryen a vum Här Wiseler opgeworf ginn ass, déi mech och zënter Laangem staark beschäftegt, nämlech där, wéi d’Land sech soll weiderentwéckelen an zu der Fro vum Wuesstum.

Dat ass eng Debat, déi kann een natierlech abstrakt féieren, am Vage féieren, wéi se meeschtens gefouert gëtt, andeem esou gesot gëtt, wéi wann de Wuesstum eppes wär - wéi soll ech soen? -, wat eis géif uwendropfale wéi en Däiwe, deen hei zu Lëtzebuerg géif wüten an dee géif maachen, datt d’Liewensqualitéit ëmmer méi schlecht géif ginn. An et geet een awer ni op den Terrain selwer, wou ee seet, wéi een da géif zum Beispill den Hiewel usetzen, fir mat deem Wuesstum do ëmzegoen, fir deen ze steieren.

Ech behaupten - ech behaupten -, datt, esou wéi Lëtzebuerg opgestallt ass, ee Land, wat zu 80 % vum Export leeft, datt Lëtzebuerg eleng als Land an där Dynamik, wou mir haut sinn, ganz sécher net kann einfach esou de Wuesstum vum PIB steieren oder de Wuesstum vun den Aarbechtsplaze schafen. Et kann ee sécherlech eenzel Saache maachen a Schwéierpunkte setzen; déi eng oder aner Fabrik, ob een déi wëllt oder net.

Mä kommt, mir sinn awer och éierlech! Och wa vill iwwert dat Beispill vu Beetebuerg geschwat gëtt, do kann een elo gedeelter Meinung sinn, wat een dovunner hält, mä et ass jo awer net elo dat, wat d’Beispill ka sinn oder wat eise Wuesstum eigentlech ausmécht. Mir wëssen awer hoergenee, datt de Gros vum Wuesstum vun der Finanzplaz, duerch ganz aner Secteure kënnt!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass alles.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- E kënnt ënner ... Jo, Här Gibéryen, alles, et ass virun allem zum Beispill de Finanzsecteur, de mécht, datt mer esou attraktiv sinn an datt mer esou vill Wuesstum zu Lëtzebuerg en général hunn.

Wat ass dann zum Beispill deene Leit hir Meinung par rapport zum Finanzsecteur? Da weisst ech gär, wann dat relativ kloer ass, datt dat deen ass, dee Lëtzebuerg dynamiséiert huet an och haut dynamiséiert: Wat maache mer dann? Baue mer deen of, de Finanzsecteur? Wie wëllt dat? Ech hunn nach keen héieren dat soen. Ech héieren ëmmer nëmmen de Contraire soen. Ech gesinn och nëmmen, wa mer Gesetzer hei an der Chamber stëmmen zum Finanzsecteur, déi gi meeschtens mat 60 Stëmmen ugeholl.

Et muss ee sech vläicht awer emol e bësse konsequent sinn. Wann een déi Froe wëllt opwerfen aus der Perspektiv eleng, wat et heescht,

Wuesstum vum PIB oder vun den Aarbechtsplazen, da muss een och bereet sinn, déi waarm Eisen unzepaken, déi een da muss zerschloen - wat net meng Meinung ass, soen ech lech awer direkt, fir déi ze zerschloen.

Et gëtt awer sécherlech Méiglechkeeten, wéi een d’Land ka gestalten! An ech war jo Landesplanungsminister déi lescht fënnf Joer, an do wäert och elo ganz kloer eng Visioun komme vun der Regierung, well mir musse jo nach Plan-sectoriellen ... Iwwregens, Här Gibéryen, déi sinn elo an der leschter Versioun no der Prozedur jo vun der Regierung ugeholl ginn. Dat heescht, déi ginn elo bei de Statsrot a mir wäerten an deenen ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, mir waarden dorobber.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Jo, Dir braucht net vill ze waarden, dat leeft elo sai Wee. Do kommen elo d’Avis vum Statsrot an da wäerten déi Pläng rechtskräfteg ginn. Ëmmerhin hu mer dat an deene leschte fënnf Joer fäerdegbruecht, fir endlech, ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sechs Joer.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- ... wéi Der et rich-teg ... Jo, och nach sechs Joer, okay, sechs Joer. A sechs Joer hu mer et fäerdegbruecht, komplett iwwerschaffte Pläng mat enger komplett iwwerschaffter neier legaler Basis ze schafen, fir datt déi Pläng endlech elo rechtskräfteg kënne ginn.

Mä da kënnt jo och nach eppes hannendrun, an dat ass de Programme directeur vun der Landesplanung! An de Programme directeur vun der Landesplanung, dat ass näischt aneres wéi esou eng, ech wëll net soen, eng Bibel, mä awer e Basisdokument, an deem mer beschreiw solle fir déi nächst 15, 20 Joer, wéi mer Lëtzebuerg gesinn. An do wäert d’Regierung dat virleeën! D’Regierung wäert eng Visioun virleeën, wéi se Lëtzebuerg gesäit a 15, 20 Joer. An da wäerte mer och hei an der Chamber eng Debat doriwwer kréien, fir doriwwer ze diskutéieren.

Ech verlaangen awer och ... An, wéi gesot, ech si fir déi Wuesstumsdebat an ech fannen, déi muss gefouert ginn, well ech sinn dee Minister souwisou, ech sinn elo net méi Landesplanungsminister, mä ech hunn nach ëmmer d’Infrastrukturen, ech hunn nach d’Police elo bäikritt, dat ass op den Infrastrukturen an um Niveau vu wat et kascht. Main-d’œuvre-méisseg an esou weider weess ech genau, wat dat kascht, nämlech relativ vill, well de Wuesstum an d’Entwécklung vum Land bedeuten natierlech och, datt mer an den Infrastrukturen an och an de Leit, déi mer mussen astellen am Statsapparat, dee mer mussen opbauen, zum Beispill an deem heite Fall fir d’Sécherheet ze garantéieren, datt mer do mussen dauernd nobesseren. Also, d’Konsequenze sinn ech am-gaangen dauernd ze spieren.

Ech si fir déi Debat! Mä, wann d’Regierung eng Meinung wäert virleeën, da verlaangen ech awer och, datt dann d’Opposition hei vun Allgemengplazen ewechkënn an awer och seet, wat se esou mengt!

An dat nämlech betrëfft d’Renteproblematik. Et geet mir net duer, ze soen: „Mir ginn dovun aus, datt a 25 Joer e Renteproblem kënnt.“ Mä ech weisst awer dann och gär: Wat sinn dann d’Pisten, déi ee wëllt, un déi ee wëllt upaken, fir datt mer de Renteproblem, wann et dann ee gëtt a 25 Joer, fir dee geléist ze kréien? Et geet net einfach nëmmen duer, ze soen: „Do gëtt et e Problem“, well och d’Opposition ...

(Interruptions diverses)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir ware jo bereet, fir doriwwer ze diskutéieren! Dir refuséiert als Majoritéit ze diskutéieren!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Wéini huet d’Majoritéit da refuséiert, dat weisst ech gären, hei ze diskutéieren iwwer Renteproblemer? Wéini war dat?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ma permanent! Permanent!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här Gibéryen, Dir hutt doch, Dir hutt e Reglement, do hutt Der genuch Instrumenter dran. An do kënnt Der eng Interpellatioun ... Mä maacht eng Interpellatioun zur Renteproblematik! Maacht se!

(Coups de cloche de la présidence)

Oder den Här Wiseler ka se och maachen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da bréngen ech muer de Brëif mat.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Ma voilà! Da kënne mer déi féieren. Mä kommt awer net heihinner an da sot Der, wann Der dann eng Interpellatioun maacht: „Et gëtt e Renteproblem a 25 Joer a wannechgeléift d’Regierung, sot Dir eis elo, sot Dir eis elo ...“

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wäert elo selwer wëssen, wat ech weess.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Jo, Dir wësst ëmmer gär, wat Der ...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Bausch, Dir musst och esou lues zum Schluss komme vun Ärer Interventioun an den Här Wiseler wëllt lech nach eng Fro stellen.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Neen, ech wëll lech näischt virschreien, Här Gibéryen, mä Dir zielt ëmmer gären déi Saachen, Dir wëllt ëmmer gäre Saache vun anere wëssen, mä Dir selwer widderspricht lech vu moies bis owes.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Gibéryen, den Här Bausch huet nach ëmmer d’Wuert!

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här President, duerfir, déi Debat iwwer Wuesstum, déi muss gefouert ginn an déi soll och gefouert ginn an déi wäert och gefouert ginn. Mä ech soen awer och, déi huet awer net eppes ..., déi huet natierlech e Lien zu deem, wat hei elo diskutéiert gëtt a wat gëschter diskutéiert ginn ass hei an der Chamber. Mä et ass awer net, datt een elo ka soen, dat, wat do proposéiert gëtt, do gi jo eng Rei Propose gemaach, datt een dat einfach kann ofleenen, well do sinn e ganze Koup Saachen dran, déi, soen ech lech elo, och wa mer d’Wuesstumsdebat eng Kéier gefouert hunn, wäerten déi do Saachen awer noutwendeg sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Wiseler hat nach d’Wuert gefrot.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ech wollt am Fong just soen, datt den Här Bausch elo sechs Minutten iwwert déi Wuesstumsdebat geschwat huet. Ech begreissen dat. Dat Een-zegt, wat ech am Fong regrettéieren, dat ass, datt am PNDD iwwerhaapt kee Wuert driwwer gesot gëtt. Dat vermëssen ech. De Problem ass, datt mer do, wou mer den Développement durable wëllen definéieren, iwwert d’zentral Problemer guer net schwätzen. Mir sinn och fir déi Diskussioun.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Ech mengen, da kënne mer zum Vott komme vun der Motioun.

(Interruptions)

Vote sur la motion 1

De Vott fänt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 33 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 22 Abstentionen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est adoptée par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par Mme Martine Hansen), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

5. 7269 - Projet de loi complétant le Code du travail en portant création d’une activité d’assistance à l’inclusion dans l’emploi pour les salariés handicapés et les salariés en reclassement externe (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7269, eng Erweiderung vum Code du travail duerch d’Schafe vun den Activités d’assistance à l’inclusion. Den Text steet am Document parlementaire 7269^o.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7269 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7269 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7398 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 décembre 2012 sur les services postaux (suite)

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7398, eng Ofännerung vum Postgesetz. Den Text steet am Document parlementaire 7398^s.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7398 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7398 ass bei 56 Jo-Stëmmen an ...

► **Une voix.**- 56?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... 56 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Marco Schank), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.



Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. Motion de M. Laurent Mosar et M. Mars Di Bartolomeo invitant le Gouvernement à faire sienne la définition de travail de l'antisémitisme de l'IHRA et à renforcer et soutenir les mesures de sensibilisation et éducatives dans le cadre de la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence

Ech ginn elo dem Här Laurent Mosar d'Wuert fir den Depot vun enger Motioun iwwert d'Definitiou vum Antisemitismus an d'Ennerstëtzung vu Mesuren am Kampf géint d'Intoleranz, d'Diskriminatiounen a besonnesch den Antisemitismus a géint all Akt vun Haass oder Gewalt, déi mir am Schloss diskutéieren an ofstëmme wäerten. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Dépôt et exposés

► **M. Laurent Mosar** (CSV), *coauteur*.- Jo, Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, Dir Häre Verrieder vun der Regierung! Antisemitismus, Antihumanitéit, Auschwitz: Sou kann een an dräi staarke Wieder déi ganz Thematik vum Antisemitismus op de Punkt bréngen, well fir Auschwitz als Spëtz vum antisemitischen Äisbiere ze verstoen, muss een déif an d'Geschicht andauchen.

Jo, den Antisemitismus ass wéi en zivilisatorescht schwaarzt Lach, wéi et schonn de Primo Levi gesot huet. Eng negativ Gravitation, déi just vun Haass a vun Niddertrucht ugedriwwen gëtt an déi duerfir och d'Mënschheet an hir fir éiweg däischterst Nuecht, fir den Elie Wiesel ze paraphaséieren, eragedriwwen huet, an d'Antihumanitéit vun Auschwitz, vun der Shoah, vum Holocaust. D'Wieder feelen eis hei, fir dës onmënschlech Barbarei ze beschreiwen, awer si hunn ni gefeelt, fir dës Barbarei erbäuféieren. A si feelen och haut nach net. Duerfir ass d'Debatt vun de Mëtteg an duerfir ass déi Motioun och esou wichteg, net just fir zrëckzekucken, mä fir d'Wuerzel vum Antisemitismus aus dem Haassbuedem erauszerrappen a fir en neien Zukunftsbaum vun Humanitéit, Mënschlechkeet an Humanismus ze planzen.

Duerfir, Här President, och ee Wuert zu dëser Motioun, déi keen dréchenen Text fir den Tirang soll sinn, mä déi e Signal vu Solidaritéit a Matmënschlechkeet, awer och e klore Refus vun all Form vun Antisemitismus, awer och vu Rassismus a Xenophobie an och soss vun Intoleranz an Diskriminatioun soll setzen. Esou steet et jo och direkt an eise Consideranten.

Mä, wéi gesot, de Begrëff „Motioun“ heescht jo net just parlamentaresch eppes, mä Motioun heescht eigentlech och Bewegung. A grad beim Antisemitismus geet et net duer, als Gesellschaft nozekucken. Neen, et muss ee sech aktiv bewegen an zesummeréckelen. Duerfir ass et och esou wichteg, datt mir eis haut hei als Chamber, als Verriedung vum Lëtzebuurger Vollek zur Antisemitismusdefinitiou vun der IHRA, der net bekannt genuchener International Holocaust Remembrance Alliance, bekennen.

Ech wëll hei just hir zentral Punkten opzielen: Perceptioun, den Haass, d'Manifestatioun vun dësem Haass géintwuer jiddesche Matbiereger an hirer Communautéit oder hiren Institutiounen, egal ob et elo reliéis oder net ass. An dat ass jo awer e Minimum, op deen ee sech eigentlech hei misst kënnen eenegen.

A fir et kloer ze soen, Kolleegeinnen a Kolleegeen, dës Definitiou verbitt keng Kritik un der Politik vun der israelischer Regierung oder vun der Knesset. Awer si kritiséiert kloer all Haassmesagen och géint Israel oder d'jiddesch Communautéit, virun allem, wa se Israel d'Existenzrecht wëllt ofschwätzen. Hei muss een also ganz kloer ënnerscheeden, grad ewéi een och kloer soe muss, datt ee keen Antisemit ass, wann een zum Beispill eng Aktioun vum Här Netanjahu kritiséiert. An dat huet jo och den Ambassadeur Georges Santer kloer ënnerstrach an de leschte Méint.

Dëst gesot, wëll ech op dëser Plaz dem Ambassadeur Santer e ganz groussen an häerzleche Merci soe fir säin exemplareschen Engagement an dëser wichtiger Thematik, mä och allgemeng fir déi Aart a Weis, wéi en d'Presidence vun der IHRA am Numm vu Lëtzebuerg leet.

A wann ech bei de Mercie sinn, e ganz grouse Merci dem Kolleeg Marc Angel, President vun

der aussepolitischer Kommissioun, deen hei mat ganz vill Fangerspëtzegefill déi Debatte geleet huet, wou mer och ganz vill Leit gehéiert hunn: e grouse Merci! E Merci geet awer och u mäi Coauteur, de Kolleeg a fréiere Chamberspresident Mars Di Bartolomeo, dee mat mir zesummen déi Motioun do deponeiert, och e ganz grouse Merci un hien, well wann et ëm eng Fro geet, wou mir, mengen ech, als Demokraten an Humaniste mussen zesummestoen, dann ass et grad den Antisemitismus.

An déi Mercie wëll ech awer och aschleissen all déi vill Kolleegeen aus verschiddenen anere Fraktiounen, déi och bereet sinn, déi Motioun hei matzedroen, well ech mengen, et ass wichteg, datt mer déi mat enger méiglechst grouser Majoritéit wäerte stëmmen.

Jo, Här President, a Westeuropa muss mer an der Lescht ëmmer méi Akten a Verbrieche vun Antisemitismus feststellen. Dat weisen all Etüden an Erfahrungen. An och hei bei eis am Land muss mer kloer an daitlech soen: Lëtzebuerg ass leider och keng Insel ouni Antisemitismus, weder historesch nach aktuell. Mä och doriwwer eraus ginn déi antisemitisch motivéiert Strofdoten zu Lëtzebuerg erop. 2017 waren et dier nach 12, 2018 schonn duebel esou vill. An dëst Joer si mer elo scho bei ronn 30 Afären, esou d'Zuele vun der Aarbechtsgrupp Recherche et information sur l'antisémitisme au Luxembourg, déi och bei eis an der aussepolitischen Kommissioun diskutéiert gi sinn.

An och historesch hu mir, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, nach ganz viles opzeschaffen. An et ass gutt, datt mir och hei verstärkt wëssenschaftlech doriwwer schwätzen, well wann den Antisemitismus eppes net verdréit, ass et, wann d'Luucht vun der Wourecht op e gericht gëtt.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Laurent Mosar** (CSV), *coauteur*.- Duerfir dierfe mir an Zukunft keng donkel gesellschaftlech a politesch Ecken ouni Mënschlechkeet méi zouloossen.

Här President, mä iwwert dës dach akademesch Definitiou an Aktioun an och iwwert d'Deklaratioun vu Stockholm eraus, bleiwen déi politesch Mainstream-Messages an och déi gesellschaftlech Terrainsaktiounen och vun eis als Politiker a Bierger wesentlech, well fir den Äisbiere vum Antisemitismus fir ëmmer un d'Schmëlzen ze kréien, brauch een e positiven, zivilisatoresche Klimawandel, grad am Alldag vun de Leit an och am politeschen Diskurs. Hei muss mer alleguerten ufänke mat enger neier Mënschlechkeet, mat Respekt an Toleranz, mat de geliefte Wäerter vun enger oppener Gesellschaft an och mat enger permanenter politischer Bildung vun eise jonke Leit, déi och an dëser Motioun agefuert gëtt.

Virun allem muss mir den Antisemitismus am Alldag bekämpfen, well den Antisemitismus fänkt am Alldag un. A genee an dësem Alldag muss een e bekämpfen an denoncéieren, ëmmer an iwwerall, och um Web an an de soziale Medien, an am beschten, andeem een dem Antisemitismus eng nei Humanitéit entgéintsetzt.

Virun a puer Woche war an der „Neue Zürcher Zeitung“ en exzellenten Interview vum Mathias Döpfner ze liesen, dee gesot huet, an ech zitieren en: „Dass Juden sich hier nicht mehr sicher fühlen, ist eine Schande für Deutschland.“ Ech géif soen, wa Judde sech net méi sécher fillen iwwerhaupt an Europa, ass et eng Schan fir Europa!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten als CSV-Fraktioun dës zukunftsweisend Motioun matstëmmen an hire Geescht vu Matmënschlechkeet an eis oppe Gesellschaft erausdroen, grad och am politeschen Alldag. Et geet also net duer, „nie wieder“ just op d'Monumenten ze schreiwen an dann den Alldag ze vergiessen. Mir müssen „nie wieder“ all Dag erëm liewen, an dat mat null Toleranz fir den Antisemitismus, well grad hei ass och nëmme den Usc'hain vun Toleranz déi falsch Politik. Oder, wéi de Primo Levi et emol eng kéier formuléiert huet: „De Mond halen ass e Feeler, bal e Verbrieche.“ Dëse Feeler dierfe mer ni méi widerhuelen!

Ech soen lech Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

- *dénonçant toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence,*

- *constatant que l'antisémitisme reste un fléau de notre temps et que les actes antisémites sont en forte hausse dans le monde occidental, comme le confirment le rapport de l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne (FRA) de 2018 et le dernier rapport annuel de la Commission européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI),*

- *notant le travail de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile sur le sujet de l'antisémitisme, y compris, entre autres, des échanges de vues avec Monsieur Georges Santer, dirigeant de la présidence luxembourgeoise de l'Alliance internationale pour la mémoire de l'holocauste (IHRA), le 25 février 2019 ; avec Monsieur Michael O'Flaherty, Directeur de la FRA, le 11 mars 2019 ; avec Madame Katharina von Schnurbein, Coordinatrice européenne de la lutte contre l'antisémitisme, le 16 mai 2019 ; ainsi qu'avec Monsieur Bernard Gottlieb, Président du RIAL (Recherche et Information sur l'Antisémitisme au Luxembourg) et Monsieur François Moysen, un représentant de la communauté juive du Luxembourg, le 1^{er} juillet 2019,*

- *considérant que le Luxembourg préside actuellement l'IHRA,*

- *notant que l'IHRA a adopté le 26 mai 2016 par consensus une définition juridiquement non contraignante, dite de travail, de l'antisémitisme,*

- *soulignant que l'école offre une occasion unique de transmettre les valeurs de tolérance et de respect, puisqu'elle s'adresse à tous les enfants dès leur plus jeune âge,*

- *considérant que l'enseignement de l'Holocauste (la Shoah) à l'école revêt une importance particulière dans un contexte où ses témoins disparaissent progressivement,*

- *considérant que le Parlement européen a adopté une résolution le 1^{er} juin 2017 appelant les États membres de l'Union européenne à adopter et à appliquer la précitée définition de l'antisémitisme,*

- *considérant que le Conseil de l'Union européenne a adopté une Déclaration sur la lutte contre l'antisémitisme et la mise en place d'une approche commune en matière de sécurité afin de mieux protéger les communautés et institutions juives en Europe le 6 décembre 2018,*

invite le Gouvernement

- *à faire sienne la définition de travail de l'antisémitisme de l'IHRA,*

- *à renforcer la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence,*

- *à renforcer et soutenir les mesures de sensibilisation et éducatives dans le cadre de la lutte contre toute manifestation d'intolérance et de discrimination, en particulier l'antisémitisme, pouvant mener à des actes de haine et de violence.*

(s.) Laurent Mosar, Mars Di Bartolomeo, Marc Angel, Eugène Berger, Sven Clement, Stéphanie Empain, Fernand Kartheiser.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. Än da ginn ech dem Här Mars Di Bartolomeo, Coauteur vun dëser Motioun, d'Wuert. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *coauteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, d'Statistike weise leider e klore Trend: Diskriminéierungen, Opirff zum Haass an zur Gewalt, Intoleranz huelen net of, am Géigendeel, a ginn och zum Deel begënschtegt duerch Anonymitéit a Pseudonymen op de sozialen Netzwierker.

Et gëtt ëmmer erëm an Europa Tëscheffäll, bei deenen engem d'Schudderden de Réck eroflaffen a mer un däischer Kapitelen an eiser Geschicht erënnert ginn. An eben dës Erënnerung muss fir eis Verpflichtung sinn, fir eis esou Tendenz schonn am Usaz an de Wee ze stellen. Dat gëllt a besonneschem Mooss och fir antisemitische Ausserungen, Akten a Gewalttaten.

Nodeem mer eis 2015 a beispillhafter Geschlossenheet bei eiser jiddescher Communautéit fir d'Bäihëllef vun Deeler vun eisen Administratiounen a Responsabele bei der Verfollegung, Verschleefung an Ermuerdung vu jiddesche Matbiereger entschëllegt hunn, hu mer zënterhier ënner anerem mat MemoShoah, dem Monument am Häerz vun eiser Hauptstadt, a weidere Recherchë wichteg Zeeche gesat hunn.

Och wa mer hei zu Lëtzebuerg wäitgeeënd vun antisemitischen Tëscheffäll verschount sinn, gouf et awer Unzeechen - Erënnerung un déi lescht Landeswahlen -, dass och bei eis de Prinzip muss gëllen, dass ee vun Ufank u reagiert an den Diks muss setzen. De Stat huet d'Obliigation, de Respekt an d'Sécherheet vun all senge Bierger ze schützen, dat heescht, Opirff zu Haass a Gewalt an Aggressiounen ze verhënneren an déi, déi derfir verantwortlech sinn, stroferechtlech ze verfolgegen.

Gradesou huet de Stat d'Aufgab, fir Reliouns-, Glawens- a Meenungsfräiheet ze suergen. Net zulescht, well Lëtzebuerg dëst Joer d'Presidence vun der IHRA iwwerholl huet, dat ass déi

International Allianz fir d'Memoire vun der Shoah, wollt eist Parlament e staarkt Signal géint den Antisemitismus erausginn.

De Laurent Mosar hat d'Iddi, dass zwee fréier Parlamentspresidente gutt placéiert wäeren, fir hei d'Initiativ ze huelen. Ech soen em Merci do derfir, an dës Motioun soll de Message eraustralen, dass mir decidéiert sinn, fir net nëmme mat Wieder ze reagéieren, mä bereet sinn, eis zesummen esou Tendenzen entgéintzustellen.

Mir hunn deen Text no Entrevuen an Diskusioun mat Experten a vill konstruktiver Maataarbecht vun de Kolleegeen a Kolleegeinnen aus der Kommissioun bal eestëmmeg kënnen finaliséieren. Ech ginn d'Hoffnung nach net op, dass d'Eestëmmegkeet ka kommen.

Dës Motioun iwwerhëlt d'IHRA-Definitiou vum Antisemitismus a proposéiert eng Rei vu Mesuren, fir den Antisemitismus an d'Intoleranz, den Haass a Gewalt iwwerall do, wou se opdauchen, ze anticipéieren an ze bekämpfen. D'Sensibiliséierung a Bildung a Schoul an am Liewe sollen zu Toleranz, Respekt a friddlechem Matenee bäidroen. Mir hu bewosst op iergendwellech Beispiller verzicht, well mer dobäi risquéiert hätten, Wichteges ze vergiessen.

A mir hunn opgepasst, dass Antisemitismus a Kritik un der Politik an den Aktiounen vun Israel als Stat net an een Dëppe gehäit ginn. Et ass fir eis evident, dass Israel, dat e Land ass wéi aner, ka kritiséiert ginn, ouni dass engem gläich Antisemitismus virgehäit gëtt, wuelverstanen - an de Laurent Mosar huet dat ënnerstrach -, dass et fir eis en No-Go ass, fir d'Existenz vun deem Stat a Fro ze stellen.

Ech wollt dem Coauteur an de Kolleegeinnen a Kolleegeen aus der aussepolitischen Kommissioun an den Experten, déi eis begleet hunn, Merci soen, an lech, Kolleegeinnen a Kolleegeen, invitéieren, dës Motioun mat breeder Majoritéit ze stëmmen an domat e staarkt Zeeche vun Toleranz, Zesummenhalt, géigesäitegem Respekt a Respekt vu Minoritéiten ze setzen, a soen lech Merci.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen lech Merci, Här Di Bartolomeo, a ginn direkt d'Wuert weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix**.- Très bien !

Discussion générale

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, d'Juddefeindlechkeet ass u sech keen neie Phénomène. Dat gouf et scho virun 2.500 Joer; esou laang sinn d'Judden Affer vu Verdriewung, vu Vëlkmord an och vun Ausgrenzung. An där Zäit sinn och eng Villzuel vu Biller, Karikaturen a Klischeeën ëm d'Judden opgebaut ginn. A wat opfälleg ass, ass, datt iwwert déi 2.500 Joer och eng gewësse Konstanz doranner besteet. Den Term „Antisemitismus“, dee besteet u sech eréischt zënter 1879. Den Antijudaismus, deen huet u sech véier Ursaachen: politesch, reliéis, sozial a virun allem eng, déi engem awer muss ze denke ginn, eng biologesch an och pseudowëssenschaftlech.

Den Antisemitismus, dat wësse mer, war u sech d'Statsideologie vum Nationalsozialismus. Leider gëtt et awer och, an dat hunn déi vill Gespräicher an deene leschte Wochen a Méint gewisen, ëmmer méi Unzeechen an Europa, mä och bei eis heiheem, vun neien antisemitischen Aktiounen. An ech muss hei op dëser Plaz och nach eng kéier un déi verwerflech, wierklech verwerflech Schmieraktioun erënnere, aneschtens kann een dat net nennen, ...

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Gusty Graas** (DP).- ... wou zwee Spëtzekandidate vu menger Partei, de Xavier Bettel an d'Corinne Cahen, Affer gi ware bei de leschte Chamberswahlen.

D'Fro, déi ee sech natierlech muss an deem ganze Kontext hei stellen: Erliewe mer e gewëssene Parallelismus tëschent den 30er Joren aus dem leschte Jorhonnert an där haiteger Zäit? Ech mengen, dat kann een net onbedéngt direkt mat Jo beäntweren, mä et muss ee vigilant sinn. Et muss een déi Zeechen, déi sech bemierkbar maachen dobaussen, awer eescht huelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn haut mat enger Motioun hei konfrontéiert, wou et drëms geet, jo, fir d'Aarbechtsdefinitiou vun der International Holocaust Remembrance Alliance, der IHRA also, esou och ze akzeptéieren. Ech wëll drun erënnere, datt Eiseträich dat den 21. Abrëll 1917 (veuillez lire : 2017) gemaach huet an Däitschland am selwechte Joer den 20. September.